



N° 6789
Entrée le 07.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.09.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.

Wéinst der Covid-19 Pandemie goufen 2020 an 2021 d'Delaie fir d'Areche vun der Steiererklärung fir d'Joren 2019 an 2020 no hanne verréckelt an d'Steierverwaltung war méi nosiichteg wat d'Nobezele vu Steieren ugaangen ass. Och bei den Delaie fir d'Bezele vun der TVA war de Staat méi nosiichteg während der Covid-19 Kris.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass de Staat weiderhi méi nosiichteg, wat Delaie fir d'Bezele vun de Stéieren an d'TVA ugeet? Ginn déi fir d'Joer 2021 an 2022 festgesaten Delaien erweidert?
2. Wa jo, wat fir konkret Delaie wäerten applizéiert ginn?
Gëtt hei een Ënnerscheed gemaach tëscht de Betriber an de privat Persounen?
3. Applizéiert d'Steierverwaltung déi monatlech festgehale maximal Limitte fir Saisien op d'Paieren oder gëtt och hei méi nosiichteg mat manner héije Montante geschafft?
4. Gëtt de Leit an de Betriber, am Kontext vun der Energiekris, allgemeng méi Zäit gelooss fir hir Steierscholden ze begläichen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu



Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°6789 vum 7. September 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Delaie fir d'Bezuele vun de Steieren

An senger parlamentarescher Ufro, freet den honorabelen Deputéierten ob den Staat am Kontext vun der Energiekris weiderhin, wéi fir d'Joren 2021 an 2022, méi nosiichteg wäert sinn wat d'Delaie fir d'Bezuele vun de Steieren ugeet.

Déi Mesurë goufen am spezifeschen Kontext vum Ausbroch vun der Pandemie geholl. D'Situatioun haut ass eng ganz aner. Am Kontext vum Energiedesch a vun den zwou Tripartitten goufen eng ganz Serie vu cibléierten Hëllefene decidéiert, fir d'Kafkraaft vun de Stéit ze erhalen, sou dass et aktuell net virgesinn ass, déi Mesuren ze verlängeren. Allgemeng ass awer drop hinczewisen, dass een ëmmer kann, op Grond vun der aktueller Gesetzgebung, beim zoustännegen *Receveur en Delai de paiement* ufroen, wann di spezifesch Situatioun dat noutwenneg mécht.

Allerdéngs wäert d'Regierung am Kader vum Budgetgesetz proposéieren, den Delai fir d'Areche vun der Steiererklärung op den 31. Dezember ze verleeën. Dës Moosnam concernéiert souwuel d'Privatpersounen wéi och Betriber, a wäert net an der Zäit limitéiert sinn. Dat heescht, datt all Steierzueler méi Zäit wäerten hunn fir hir Steierscholden ze begläichen.

Zu der TVA, bleift nach z'ënnersträichen, dass dës Steuer normalerweis vum Endkonsument bezuelt ass, an, dass et also dem Assujetti seng Suen guer net sinn.

Wat d'Saisien op den Paien ugeet, ass op d'Äntwert vun der parlamentarescher Fro n°5904 iwwert de *Recouvrement forcé* ze verweisen, wou ausféierlech beschriwwen gouf, wat fir Moyenen dem Steierzueler zur Verfügung stinn, fir eng Saisie ze vermeiden.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes